# Mísch a

# an di drei Kinnecken

E Kreschtsteck an zwe'n Akten .

Frei arrange'ert no der Geschicht
vum G.C. Menotti vum K. Sch .

I. Akt : Vrun enger armse'liger Hütt stêt de Mischa op eng Kretsch gesteipt a kuckt no de Stären .

Mamm : (vu bannen ) Mischa , Mischa ...

Mischa : Jo , Mamm ...(hie kuckt virun an d'Lûcht a set fir sech : ) We' sche'n ... we' sche'n ...

Mamm : Mischa, da komm dach eran ... et ass he'ch Zeit ... Du erkâls dech dobaussen ...

Mischa : O Mamm , loss mech dach nach e beschen hei baussen .. et ass eso' sche'n haut den owend ... Ech ekâle mech net .. ech hun dach e Mântel un ...

Mamm : (kent bis op d'Dîr ) E Mantel ... âremt Kand .. en âlen verwëschene Mantel , die net me' wârem helt .. (wellt d'Kand matt der Hand huelen ) Komm ... Mischa , komm dach eran ..

Mischa : Loss mech nach hei .. Kuck den Himmel ass eso' wonnerbar hell ... so' kloer..

Mamm : Nên du ge's matt eran elo .. et ass schon eso' spe't ...

Mischa : (biedelt) E beschen , nach Mamm, .. elo gêt de Mo'nd geschwön op .. loss mech dât dach nach kucken ...

Mamm : Du hues dié schon dack gesin opgoen ... Komm elo eran ..

Mischa : (wellt goen,ma bleiwt op êmol we' ugewûrzelt stoen a kuckt an d'Lûcht ... ) Mamm .. o kuck ... kuck dach .. do uewen .. just îwer onsem Haus ... e gro'ssige Stär .. eso' gro'ss .. eso' hell .. we' ech nach kê gesin hun...

Mamm : ( kuckt an d'Lûcht a sche'ngt neischt ze gesin ) Mischa du drêms die le'we lângen Dâg ... Wât soll ech nömmen mâchen .. matt dem Kann ...

Mischa : (begêschtert)Geseis de dann dié sche'ne Stär net ...

Mamm : Erziel mer keng Sâchen, Mischa .. Firwât soll da wuel haut en extra Stär am Himmel sin ... Du has mer versprach ni ze le'en , Mischa ..

Mischa : Ech le'en dach net, Mamm ... Glâw mer dach .. Kuck dach dié sche'ne Stär matt dem lange Schwanz vu Feier ...

Mamm : (ongedölleg ) Loss mech matt Ro' ... All Dâg hues de âner Spichten am Kapp ... E Stär matt engem Schwanz vu Feier .. Ge' ...

Mischa: Ma dach et ass wirklech e Stär matt engem Schwanz.. eso' lâng ...

Mamm : Elo ass et es ower bâl genug . Mischa .. Komm ..a loss dât fantase'eren sin ..

Mischa: Wann et net wo'er ass, Mamm , da soll ech elo op der Plâtz hei do'd emfâlen ...

Mamm : (verdresslech ) Aremt Kand ... den Honger an den Armut huet hie ganz îrr gemâch ... Neischt z'iessen hât ech fir de Mötteg, den Nowend och erem neischt ... Kên Holz fir ons d' Haus ze hetzen ... Ech ârem Wittfrâ , wât soll ech nömmen ufänken .. All ons Schôf hun ech ewell misse verkâfen fir liewen ze kennen Schaffe goen kann d'Kand och net .. et bleiwt ons neischt â-nescht îwreg , ewe' hêschen ze goen .... (si schle't d'Hänn run d'Gesicht ) Hêsche goen .... we' schrecklech ... Mei Kand en Hêschekand ....

Mischa: Mammi .... net kreischen .... Ech gi gären hêsche fir dech.. Dann ze'e mir vun Duerf zu Duerf a vun Haus zu Haus ... vleicht fanne mer gudd Leidd de' ons eppes gin ... da kenne mer och emol erem Bro't iessen .. Wann ên net me' hongreg ass , dann ass ên och net eso' midd ... A wa mer owes da kên ennerDâch hun , da schlofe mer um freie Feld ennert de Stären ...

Mamm : Du drêms fu weider neischt me' we' vun de Stären ... Komm elo eran .. du bass midd a kâl .. et get he'ch Zeit dass de schlofe gês ...

------------------

2. Akt : Eng armse'lig Stuff . De Mischa leit an e Mantel gewéckelt op Stre' ze schlôfen . Vu weit he'ert ên Gesang .

Mischa : (rîcht sech op ) He'eren ech richteg oder drêmen ech .. Ass dât net we' e feierleche Gesang op der Strôss... Mamm ... Mamm , lauschter emôl ..

Mamm : (kent aus dem Niewegemach) Wât soll ech da lauschteren ...

Mischa : Die sche'ne Gesang ..

Mamm : Mischa , ech mengen du drêms .. du solls schlôfen a mech och schlôfe lossen ...

Mischa : Ma da lauschter dach nömmen et kent emmer me' no.. (De Mischa gêt bei Fönster ... O kuck do .. virun onser Dîr stêt e Kinneck kuck wât eng sche' Kro'n huet en um Kapp ...

Mamm : Wât Dommhêten .... Wuer soll dann an der Nuecht elo e Kinneck hierkommen ...

Mischa: (begêschtert) Komm se'er kucken .. Elo sin et der zwe'n ..

Mamm : (resselt de Kapp ) A wât soll ech nömmen matt dem Kann mâchen, e verle'ert nach op êmol de Verstand ..

Mischa : Drei sin et der .. Mamm kuck drei Kinnecken .. et ass och e Schwârzen derbei ...

Mamm : Ech froe mech wâts de lo nach geseis ... Dât kann dach net sin.

Mischa : Ma da komm dach kucken ... Si stin elo allen drei bei der Dir hei ... elo wellen se' erakommen ...

Mamm : (erfe'ert,well et gleich drop un der Dîr rubbelt .. ) Et wärten dach keng Abrecher sin ... Nên dât ass de Wand , Mischa,dien eso' an der Dîr rubbelt ..

Mischa : Et ass kê Wand haut .. Den Himmel ass eso' hell .. Mamm mach de Kinnecken d'Dîr op , si hun sech vleicht verîrrt..

Mamm : (gêt bis bei Dîr wo' emmer me' fest gerubbelt get ) Et mussen ôwer bâl Leidd sin , de' gären era kommen .(Si mecht Dîr op an dêt e Krêsch ... Wirklech .. a we' ass eso' eppes me'glech.

I. Kinneck : Gudden owend le'f Leidd ... kenne mer bei iech e besche räschten îr mer weidder gin .. Ech sin de Kinneck Melchior . aus dem Orient ..

2. Kinneck: Ech sin de Kinneck Balthasar ..

3.Kinneck : An ech de Kinneck Kaspar ...

Mischa : Wât hât ech gesôt Mamm .. Drei Kinnecken ...

Mamm : (ganz frendlech ) Kommt eran , dir edel Hären ...

Balthasar: Nömme ganz we'nig raschten welle mer hei .. well mer hun nach e weite Wé ze mâchen ..

Mamm : Wellköm alleguer a mengem Haus , ma dir musst matt dem zefridde sin wât ech arem Wittfrâ iech ka bidden .. Op hârdem Strê musst der schlôfen ...

Kaspar : Wât set se ?...

Baltasar: Mir wäre wellköm ..

All mattenên : Merci Madame .. Mir werden ons schon zurecht fannen ..

Melchior ; Et ass jo net fir lâng .. well onse Stär gêt virun a mir mussen em no ze'en ..

Mamm : (verwonnert ) Ere Stär .. Ass dât dien helle Stär , dien de Mischa gesin huet ..

Mischa : Ganz secher , Mamm , well ech hât nach nie eso' e Stär virdru gesin ... Wuer zitt dann dié Stär ..

Mamm : Mischa , derange'er di Hären net eso' ... (fir sech ) Hätt ech dach nömmen eppes am Haus fir hinnen z'offre'eren .. Neischt hun ech do .. guer neischt .. Mischa ge' bis bei d'Hîrten de' do hannen bei hîre Schôf wâchen a so sie sollen eppes brengen fir ons Gäscht ...

Mischa : (an engems ass en aus gêt ) Jo Mamm ..

Mamm : Wât sche' Sâchen hu dir do ...

Melchior: Dât alles schenke mir dem Kand ..

Mamm : Wât fir engem Kand ?...

Baltasar: Mir wössen et nach selver net ... Et soll e Kinneckskand sin Onse Stär fe'ert ons bei et ..

Mamm : E Kinneckskand ...

Kaspar: Jo , e Kinneckskand, dem Mond a Stären zu Fe'ss leien .. Et [illegible] huet de Sturm an d'Mier an der Hand ..

Melchior: An d' Englen bieden et un ..

Baltasar: Seng Mamm ass eng Kinigin ......

Kaspar : Mir brengen dem Köndchen Gold , Weihrauch a Myrre .

Mischa : Hei kommen d'Hîrden .. Si wollten all mattkommen fir d'Kinnecken ze gesin ..

Mamm : Kommt eran , dir Hîrden .. a kuckt wât he'che Besuch mer kritt hun ..

I. Hîrt : Richteg Kinnecken .. De' musse vu ganz weit scho kommen ..

2. Hîrt : Si si midd vun der lânger Rês .. a bestömmt hongreg an duschteresch .

3. Hîrt : Gleck , dass mer direct eppes fir se mattbreûcht hun .. Dir edel Hären ... Hei sin Drauven , Quidden, Äppel a Bîren ..

I. Hîrt : Zitro'nen , Mandarinen,Nöss a Figen brenge mir voll Frêd a wönschen gudden Appetit.

2. Hîrt : Hunneg, Cane'l an Thimian .. dât ass fir e gudden Dronk ze mân ..

I. Kinneck : Merci , villmôls merci , dir le'f Leidd ..

2. Kinneck: Mir huelen di Sâchen matt op de Wé ..

3. Kinneck : Jo, well onse Wé ass nach vleicht ganz lâng ..

I. Hîrt : Wuer gidd der dann , dir edel Hären ?...

I. Kinneck : Onsem Stär ze'e mer no .. dié weist ons de Wé zum jonge Kinneckskand ...

2. Kinneck : Mir durfen ons duerfir net ze lâng hei ophâlen .. dass mer de Stär net aus den Ân verle'eren ..

2. Hîrt : (zu denen âneren ) Da loss mir goen , dass die Hären e beschen ze raschten kre'en ..

3. Hîrt : Jo , mir kennen och ons Schôf net eso' lâng eleng lossen

Di drei Hîrden : Gudde Nuecht dir le'f Kinnecken .. Mir wönschen iech eng sche' Rês .. (ôf )

Di drei Kinnecken : Merci , dir le'f Hîrden ; merci fir alles ..

Mischa : Här Kinneck .. hutt dir ennert êre sche'ne Steng do an der Kescht kên Zauberstên fir mei krankt Bên ze hêlen .. Da kent'ech och schaffe goên ewe' di âner aiSôue verdengen fir menger Mamm ze hellefen ..

Kaspar : (zu denen zwe'n âneren ) Wât set d'Kand .. ech hun et net verstân ..

Mischa : Och nên , lôsst sin , et hölleft jo dach neischt ..

Mamm : Komm Mischa , loss die Hären elo raschten, du geseis si si midd .. ( si gêt ma'm Mischa aus .

Die drei Kinnecken setzen sech mam Reck widder Wand gesteipt a schlôfen direct an . E Page , dien matt eran ko'm,setzt sech bei se a mecht we' wann e geng schlôfen ma le'sst d' Kescht ma'm Gold an di âner Geschenker net aus den Ân ..

( Eng Weilchen drop kent d'Mamm lues eran )

Mamm : Gold ,Weihrauch a Myhrre ... fürstlech Geschenker .. Ech mengen et wär neischt derbei wann ech mer di Sâchen geng ukucken .. Nach ni a mengem Liewen hun ech eso' eppes gesin.

(Si mecht fir d'iescht d'Kescht ma'm Gold op ) O mei eso' e Ko'p Gold .. Sin de' awer reich .... A wât sollen se nömmen matt all dem ville gold mâchen ... Dem Kinneckskand schenken. Dem Kinneckskand .. dât ass dach secher reich genug .... a mei Kand ... dât ass ârem .. so' ârem,dass et deglâng neischt z'iessen huet .. neischt fir unzedin .. wo' Kinneckskanner a Sammet a Seid geklêd sin ... O .. ech ârem Frâ .. we' gären ge'w ech mengem Kand och e sche'nt Liewe gin .. we' gären ge'w ech et sche'n undin .. an em all Dâg gudd z'iesse gin .. We' fro' wär ech wann sei Bên gehêlt wär , ower dât alles kascht Geld , vill Geld .. an ech hu neischt .. guer neischt Wann se mer nömmen e puer Goldstecker ge'ffen .. nömmen e puer .. (si helt en etlech Goldstecker an d'Hand .. ) Sollen s'et îwerhâpt anuecht huelen , wann ech der e puer ge'ng hêmlech ewech huelen .. nên dât wär gestuel .. dât kann ech dach net mâchen .. ... an dach .. si schlôfen alleguer .. Kê gê'f et gesin .. nömmen e puer fir mei Kand .. mein âremt Kand .. Soll ech wirklech .. nên , ech durf net ..

Page : (sprengt op ) Hedo .. Reiber, De'f ...

Mamm : (le'sst di puer Goldstecker de' se nach emmer an der Hand hât se'er zreckfâlen a klappt d'Kescht zo' . ) O mei .. ech ârem Frâ ...

( Iwerdem sin die drei Kinnecken opgesprong a ruffe verwonnert

Wât ass geschitt ... wât ass geschitt?......

Page : Di Frâ do .. huet Gold geholl ...

Baltasar: Pfui ... dât hätt ech net vun iech geduecht ...

Melchior: Sin da ne'erens me' e'erlech Leidd ...

Kaspar : Dât ass dât ellenst wât get .. en one'erleche Mönsch ..

Page : (reisst d' Frâ ma'm Arem erbei ) Eraus ma'm Gold wât der gestuel hutt ...

Mamm : (schle't d'Hânn virun d'Gesîcht ) O losst mech dach .. ech hu jo nach neischt geholl ..

Melchior : We' onaustehlech ass e Mönsch dié litt ..

Baltasar: Ja, wann s'elo nach we'nigstens d'Wo'erecht geng soen ..

Page : ( wellt se schloen ) An dir gitt ons dât Gold wât der geholl hutt eraus .. an elo se'er ...

Mischa : (kent îwerdem eran a rappt de Page ewe'g .) Ônnerste' dech an de' menger Mamm e Lêd un .. Meng Mamm ass gudd a brâv , si mecht neischt Be'ses ...

Page : (be's ) Si huet gestuel .. an elo litt s'och nach ..

Mischa : Meng Mamm stielt net a si litt och net ... dât gläwen ech ni , dass si Gold gestuel huet ... Ech hun schon emol gelun, awer meng Mamm net ... nên .. dât mecht meng Mamm net ..

Melchior Eso' efest Vertrauen vun engem Kand zu senger Mamm kent ni bestoen wann d' Mamm net emmer e'erlech a gudd wär ..

Kapar ; ( zum Page ) Hues du gesin dass se Gold an hîr Täsch gestach huet ..

Page : Si hât e puer Golsstecker an der Hand ..

Baltasar : Vleicht huet d'ârem Frâ se erem an Kescht geluegt ..

Mamm : Jo, gudden, edlen Här .. ech hun net ê Steck Gold geholl .. Ech .. ech hât es an der Hand .. d'ass wo'er .. ech hât och ê Moment e be'se Gedanken .. ma ech hätt et ower net geholl .. obschon ass ech eso' ne'deg breicht ..

Melchior: Arem Frâ ... Mir gin iech Gold .. Dât Kand dât mir sichen brauch kê Gold .. kê blenkegt Gold .. Sei Reich ass net op d'Geld opgebaut , mé op d' Le'ft ..

Kaspar : Op sengem Kapp ass keng gelde Kro'n ma eng Därekro'n ..

Baltasar: Seng Hand ass durchbuert .. an hie stierwt dass mir solle liewen ...

Melchior : Di Arem an Onglecklech rifft Hie fir t'iescht a sei Reich .

Mischa : O kent ech goen , ech geng matt iech dât Kand sichen .. Mei ganzt Liewen hun ech op eso' e Kinneckskand gewârt .. A wann ech et ge'ng fannen , ech ge'f em dât Bescht wât ech hätt .

Mamm : Aremt Kand , wât ge'fs du dann dem Kinneckskand .. mir sin arem Leidd .. mir hun neischt fir em ze gin ..

Mischa : Wêsst de wât mer him schenken ... Meng Kretsch hei .. Ech hun se selver gemâch .. Vleicht brauch dât Kand och eng ..

Mamm : Nömmen dât net ... Oni Kretsch kanns du jo net goen .. du fälls jo ...

Mischa : (werft seng Kretsch ewe'g ) Mamm ... o kuck .. ech ka goen..

Melchior: Wahrhafteg.. hie ka goen ...

Kaspar : Dât ass en Zêchen , dass dât Kinneckskand dât mir sichen, Wonner ka wirken .. Et huet dem Kand hei gleich gehollef well et him seng reng Kannerle'ft geschenkt huet ..

Baltasar: Jo .. dât Kand dât mir sichen .. ass wahrhafteg den allmächtige Gott ..

Mischa : Mamm, ech kann danzen a sprangen ..

Mamm : Mischa , du fälls jo ..

Melchior: Färt net gudd Frâ .. d'Gotteskand huet e gesond gemâch ..

Mischa : Mamm,elo kann ech schaffen a Geld verdengen .. dass mer kên Honger me' brauchen ze leiden ... So , loss mech matt denen drei Kinnecken goen .. fir dem Wonnerkand merci ze soen ..

Baltasar: Jo , gitt eis e matt .. Mir gin uecht op en a brengen iech en erem glecklech erem ..

Mamm : Wells du elo wirklech fort vu mir ..

Mischa : Jo , Mamm , ech kommen jo erem ..

Mamm : Da ge' matt Kand .. a so dem Himmelskand och mei beschten Dank ..

Kaspar : Wât set se ..

Melchior; Si set e kent mattgoen ..

Baltasar : Da loss mer goen .. et get Zeit .. Pâckt schnell alles zesummen ( zum Mischa ) an du och Mischa , mâch dech ferdeg.

Mischa : Ech hu soss neischt we' mei Mantel a meng Kretsch. de' bannen ech mer op d'Scheller ..

Mamm : Komm Kand , dass ech der avoir soen ... (si kösst en op d' Stîr .. Währenddem gin di âner schon aus .. Och de Mischa gêt aus . An der Dîr dre't e sech em )

Mischa : Mamm kuck .. do ass de Stär , dien ech gesin hât . En zitt lues virun .. O, lo kann ech ech em nogoen .. Hie weisst eis de Wé zum Chröschtköndchen ..

--------------